Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An senger rezenter Pressekonferenz huet den Educatiounsminister ugekënnegt, datt ab der Rentrée 2027 all Klass am Cycle 1 vun enger zweeter Persoun soll encadréiert ginn. Hien huet awer net preziséiert, wéi eng Persounen a wéi enge Karriären dës Aufgab iwwerhuele sollen an no wéi enge Krittären dës Persoune rekrutéiert a qualifizéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Karriäre wäerte berécksiichtegt ginn, fir d'Funktioun vum zweeten Intervenant am Cycle 1 ab der Rentrée 2027 ze iwwerhuelen (Educateuren, AEBS, Chargé(e)ën, ...)?

2. Ass virgesinn, fir d'Aufgab vum zweeten Intervenant eng nei Karriär ze schafen?
   - Falls jo, wéi eng Qualifikatiounen an Diplomer wäerte fir dës Karriär erfuerdert ginn?
   - Falls nee, no wéi enge Krittäre wäert decidéiert ginn, wéi eng bestoend Beruffsgruppen dës Aufgab iwwerhuelen däerfen a sinn dofir zousätzlech Formatiounen oder Zertifizéierunge virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten